LEADER Umbrella-Projet : Laanscht eis Aerenz
© MPJ / LEADER Mëllerdall / Aerenzdallgemeng

Laanscht eis Aerenz

# Kommt an deelt Är Erënnerungen un eis Wäiss Aerenz !

Dir hutt eisen Opruff gesinn, mee sitt Iech net sécher ob är Erënnerung oder ären Objet dat ass, wat mir fir dës Pop-Up Ausstellung sichen?

Da gitt dës Checklëscht duerch a kontaktéiert de LEADER Mëllerdall :

**Tél.: 26 72 16 30 / email: mellerdall@leader.lu**





## Checklëscht / Kritären

- O **Meng Erënnerung / Mäin Objet huet mat der Wäisser Aerenz ze dinn.**
- O **Meng Erënnerung / Mäin Objet ass aus enger vu follgende Gemengen:**

  | | | |
  |---|---|---|
  | Reisduerf | Aerenzdallgemeng | Fiels |
  | Hiefenech | Fëschbech | Jonglënster |

- O **d'Maximal Dimensioune vu mengem Objet:**




Dir hutt e flott Exponat, mee et ass méi grouss an/oder schwéier? (wéi z.B. en aalt Millerad)

-> Dat ass kee Probleem. Do ka mat enger Foto vum Exponat geschafft ginn.

Aerenzdallgemeng
LEADER MËLLERDALL
LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de l'Alimentation et de la Viticulture
Cofinancé par l'Union européenne

# Kommt an deelt Är Erënnerungen un eis Wäiss Aerenz !

Laanscht eis Aerenz

- **Typ vun Exponat:**
  - Materiell Exponater mat enger Geschicht:
    - **Fondstécker** z.B. eppes wat ee bei der Aerenz fonnt huet.
      (e Steen, en alen Turnschung, etc.)
    - **Objeten, déi direkt oder indirekt eppes mat der Aerenz ze dinn hunn.**
      (z.B. déi Ketten déi een un hat, wéi ee bei der Aerenz den éischte Kuss kritt huet, e Schëffelche wat een als Kand um Waasser schwamme gelooss huet, etc.)
    - **Fotoë, Kaarten oder Schrëftstécker.**
  - Immateriell Exponater
    - **Eng Geschicht/Erënnerung/Anekdot** mat Bezuch zur Wäisser Aerenz.
- **Ech si bereet dem Organisateur vun der Ausstellung mäin Objet fir e gewëssen Zäitraum auszeléinen.**
- **Ech gi mäin Averständnis datt mäin Objet/meng Erënnerung an der Ausstellung gewise gëtt, an enger Broschür an digital publizéiert gëtt.**
- **Ech si bereet, d'Geschicht zu mengem Objet an enger Audioopnam oder engem Video ze verzielen (* net obligatoresch).**
- **D'Persounen, déi op enger Foto ze gesi sinn, sinn domat averstanen, datt dës Foto publizéiert gëtt.**

## Wichteg Informatiounen

- **Vernissage:**
  Freides, de 24. Oktober 2025 ab 17:00 Auer zu Miedernach
- **Zäitraum Ausstellung:**
  24. Oktober bis den 14. November 2025
- Duerno besteet d'Méiglechkeet, datt dës Ausstellung a Form vun enger Wanderausstellung an de Partnergemenge gewise gëtt.

Aerenzdallgemeng
LEADER MËLLERDALL
LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de l'Alimentation et de la Viticulture
Cofinancé par l'Union européenne